N°1764
Entrée le 13.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Den 31ten Dezember gouf et Problemer mat der elektronescher Ënnerschrëft op myGuichet.lu, deen doduerch net méi disponibel. De CTIE huet méi spéit matgedeelt, dass et e Problem beim externe Prestatairen Luxtrust gouf. A menger parlamentarescher Fro vum 2te Januar hat ech zu dësem Virfall schonn eng Rei Froe gestallt.

E Freideg, 10te Januar, gouf et am Nomëtteg bei verschiddenen Online-Servicer groussflächeg Stéierungen. Méi spéit huet de CTIE confirméiert, dass et tëscht 13.05 Auer a 14.55 Auer eng DDos-Attack gouf. Dowéinst waren d'Sitten, déi vum CTIE gehost ginn, zäitweis net erreechbar, dorënner och myGuichet a "Gouvernement.lu". Awer och de Site vu Luxtrust war net méi erreechbar an dat och no 14.55 Auer nach net.

Eis gouf zougedroe, dass et och bei de Banke gréisser Problemer dowéinst goufen a vill Finanztransaktiounen net konnten duerchgefouert ginn. Dëst huet net nëmmen d'Banke selwer betraff, mee natierlech och Privatpersounen a Betriber, déi an doduerch keng Transaktioune konnte maachen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch confirméieren, dass och Luxtrust vun der DDos-Attack betraff war?
2. Wéi kënnen d'Betriber hei zu Lëtzebuerg méi séier a besser iwwert esou Attacken informéiert ginn, fir dass si sech fir esou Fäll besser kënnen opstellen?
3. Wéi héich schätzt d'Ministesch de wirtschaftleche Schued, deen duerch dësen Ausfall entstanen ass, besonnesch well vill Finanztransaktiounen an engem Zäitraum vu méi wéi 2 Stonnen net méiglech waren?
4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass duerch déi awer ëmmer méi heefeg Attacken op de CTIE a Luxtrust, dës riskéieren, zu engem Schwaachpunkt an eiser digitaler Infrastruktur ze ginn?
5. Duerch dës Attacken op de CTIE a Luxtrust weist sech ëmmer méi dacks, wéi séier net nëmme staatlech Demarchen op Site wéi myGuichet, mee och wichteg Finanztransaktioune vun eiser grousser Finanzplaz, kënne wärend Stonne blockéiert ginn an esou zu groussem wirtschaftleche

Schued kënne féieren.

Huet de Ministère scho Pläng ausgeschafft, fir déi vun dësen zwee Acteuren ausgoend digital Vulnerabilitéit vu Lëtzebuerg méi kleng ze maachen? Wa jo, kann d'Ministesch heizou Präzisioune ginn? Wa nee, firwat net?

6. Ass de Ministère der Meenung, dass Luxtrust als kritesch Infrastruktur misst klasséiert ginn a mei staark Moossname missten ergraff ginn, fir zukünfteg Attacken ze evitéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten